

© SIP / Nicolas Bouvy

# De Papp ass ni doheem

Ab engem gewëssen Alter schénge Politiker de Gebrauch vu Wierder drastesch ze reduzéieren. Hu se den Niveau u Wäisheet erreecht deen d'Belounung vun enger laanger Carrière duerstellt, da gi se wuertkarg a loosse laang op hir Äntwerte waarden. Dat ass natierlech net schlëmm, well ee weess dass d'Äntwerten derwäert sinn, dass all Wuert seng Plaz huet an dass di wéineg Sätz u Schäerft net ze iwwerbidde sinn. Wann ech mer den Här Juncker ukucke, wéi en um SWR Fernsehen sengem Géigeniwwer, dem ähnlech groe Frank Elstner, a schwéier ze iwwertreffender Manéier Anekdote liwwert, d'EU-Aarbecht kommentéiert a vu senge Relatiounen zu anere Staatschefe schwätzt, da kréien ech dat Gefill, dass och hien sech sou lues an déi Richtung beweegt. Nëmmi laang bis och hien ufänkt an Talkshows ze fëmmen, nëmmi laang bis e vollends an d'Orakel-Register wiesselt, fir seng Observatiounen nëmmen nach an Aphorismen anzepaken. Den Här Juncker huet natierlech scho säit längerem en Hang zu kreativer Bildsprooch deen, souwäit ech weess, nëmme vun däitsche Rapper iwwertraff gëtt, mä et däerf ee sech an Zukunft op nach méi ënnerhaalsam Optrëtter freeën, déi wéineg spuersam mat gewiichtegen Erfahrungssätz gesalzt wäerte sinn.

**Ech ka wéineg aner Politiker opziele, fir déi ech esouvill Respekt hunn [...], dass ech mer verschidde Froe guer net stellen**

Wann ech dat bemierken, déi zouhuelend Rou, déi sech am Alter breet mëscht, dann ass dat net fir mech lëschteg ze maachen, dann ass dat keng jugendlech Arroganz. Ech muss nämlech agestoen, dass ech mech voll a ganz blende loosse vun där Autoritéit, déi seng Wierder dréit. Ech ka wéineg aner Politiker opziele, fir déi ech esouvill Respekt hunn. Déi mer esou sympathesch sinn an esou kompetent schéngen, dass ech mer verschidde Froe guer net stellen, dass ech et souguer fäerdeg bréngen, op mannst fir kuerz Momenter, auszeblenden a wéi enger Partei en ass. A wann ech do ronderëm mech kucken, da gesinn ech dass ech net deen eenzege sinn deem et sou geet.

Wéi vill aner Leit a mengem Alter – ech sinn 1987 gebuer – hunn ech fir d'éischt mat Politik ze di gehat, wéi et ëm den Irak-Krich goung. Ech war dogéint, sou wéi vill aner Leit déi sech een Nomëtten Zäit geholl hate fir duerch d'Stad ze trëppelen an dat ze weisen. Zu mengem groussen Erstaune war d'Regierung do net esou determinéiert. Wann ech mer haut d'Interviewe vun 2003 ukucke, sinn ech iwwerrascht wéi vill en sech verfänkt an deene verwénkelten Wuertkonstruktiounen déi e sou gären huet, nëmme fir eng Positioun ze verteidegen, déi ech deemools schonn als ambivalent empfonnt hunn. Bon, zouginn, deemools hunn ech net dat Wuert „ambivalent" benotzt. Trotzdem: kee kloere Message, kee Jo keen Neen, nëmmen Niewesätz an eidel Allianzen.

E puer Joer drop goung et ëm d'Iwwernahm vun Arcelor. Et war deemools d'Occasioun fir Bekanntschaft ze maache mat Diskussiounen iwwert den nationale Stolz, Diskussiounen wéi et se haut och rëm gëtt, wann et zum Beispill ëm d'Cargolux geet. Net dass ech d'Impressioun krut, dass eppes schif gelaf wier, nee, mä et hat en éischter pedagogesche Wäert mat zerliewe wéi d'Muechtverhältnisser tëschent Wirtschaft a Staat sinn. An, natierlech, zu wéi enge spezielle Situatiounen et féiere ka, wann dësen och nach Aktionär ass. Et war dëst di éischte Kéier dass ech esou eppes materlieft hunn, bei wäitem awer net di läschten. An et huet mer gewise, wat dee Staat wierklech ass, aus wat e besteet a wéi e reagéiert, wann et ëm d'Porzelläin geet.

Dat nämlecht Joer, 2006, gouf et allerdings nach eng wesentlech méi wichteg Lektioun ze léieren. Un engem kalen Novemberdag haten sech e puer Dausend Jonker versammelt fir géint e gewësse Gesetzprojet 5611 ze demonstréieren. Et war eng sozialpolitesch Decisioun, déi eis do virum Aarbechtsministère versammelt hat, mä et war och di Aart a Weis mat där d'Regierung iwwert di Betraffe geschwat huet. An

oniwwerluechtener Manéier goung riets vum „Hotel Mama“ a vun deene Jugendlechen, déi jo souwisou léiwer an d’Vakanz gi wéi op d’Aarbechtsamt. Déi paternalistesch Aussoen haten all recht wéineg mat der Saach ze dinn an haten zwou Konsequenzen. Di éischt war eng massiv Mobilisatioun an di zweet eng Erkenntnis: Mir gi weder eescht geholl, nach ännert sech iergendeppes, wa mer zu Wuert kommen. Natierlech gouf et dunn Amendementer an eng Lycée’s-Tour säitens dem Aarbechtsminister, dat huet awer net vill um Fong geännert a konnt och di verstëbste Manéier net verschwannen doen. Ech, dat kann ech sou soen, hunn dee Moien den CSV-Staat kennegeléiert. En huet sécherlech e bleiwenden Androck hannerlooss.

Wéi kënnt et also, dass ech onzefridde si mat der Manéier, wéi d’Saache lafen an awer esou gutt Wierder fanne wann et ëm den Här Juncker geet? Wisou, an dat ass bal awer nëmme bal déi nämlecht Fro, hunn ech esouvill Respekt virun engem Politiker, deen ech nimools géing wielen?

D’Äntwert dorop ass Europa. Ech hunn effektiv grousse Respekt virun der Aarbechtsmethod, den Zieler an de Wäerter un dären Ëmsetzung den Här Juncker um europäeschen Niveau bedeelegt ass. Ech sinn iwwerzeegt, dass di europäesch Logik di richteg ass an ech sinn impressionéiert, wann et méiglech ass trotz esouville Membere qualitativ Diskussiounen ze féiere, bei deenen et net primär ëm d’Gewiicht vum Gréissere geet. Dass et méiglech ass esou zesummen ze schaffe verlaangt Disziplin an d’Intelligenz méi wäit ze kucke, wéi de Benefice vun der nächster Stonn. Vläit läit et drun dass ech säit sechs Joer zu Bréissel wunnen an dofir méi vun deenen Institutiounen héieren, mee un Europa ze bauen halen ech fir eppes ganz Grousses. Dat ass eng Erkenntnis, déi ech och a menger Jugend gewonnen hunn an den Här Juncker ass dobäi net onschëlleg.

Et ass awer och, an do kommen ech zréck op den Ufank vu menger Iwwerleeung, d’Aart a Weis mat där hien dat mëscht. Ech mengen zum Beispill di Moderatioun di a sengem Handele läit. Et schéngt mer wouer ze sinn, dass et beim Zesummeschaffen tëschent Europäer net drëms geet, de gréisstméiglechen Benefice op Gonschte vun deenen Aneren ze zéien. Ween sech an esou enger Situatioun am Interêt vun Allen ausspréicht, ass een dee verstanen huet, wéi et virugeet. Gläichzäiteg stëmmen ech senger Kritik zou vun deem wat hie „Sofortismus“ nennt, permanent Mediatiséierung di oft an dem Wee vu gudden Decisioune läit. An net ze vergiessen: deen analytesche Stil an Interviewe fir Propositiounen op hir Wouerhaftegkeet ze iwwerpréiwen, kombinéiert mat Rhetorik déi wierklech oft ze iwwerzeege weess.



Archiv *Luxemburger Wort*

An trotzdem. All déi opgezielte Qualitéite änneren näischt dorunner dass zu Lëtzebuerg, et huet een et vläit vergiess, och Politik gemaach gëtt. Wann ech virdru vun dem CSV-Staat geschwat hunn, da mengen ech dat Gefill dass alles fir ëmmer sou bleiwe wäert: Kathoulesch a konservativ. E Land an deem souvill Budget duerch d’Päif geet fir kathoulesch Institutiounen, fir eppes wat ech als absolut illegitim a schiedlech empfannen; ech denken do zum Beispill un d’Ofdreiwungsdiskussioun. Awer och e Land an deem, wann et haart op haart kënnt, ëmmer nëmmen ee muss d’Plomme loossen an dat ass sécherlech net d’Wirtschaft. Ech generaliséiere, mä ech fannen et wuel komesch, virun allem well den Här Juncker selwer sou oft behaapt, grad kathoulesch an onsozial, dat wier net seng Politik. An dat ass se och vläit net, et ass awer déi vu senger Partei. Wann ech also zréck kucken op deen Deel vun der Juncker-Ära, dee schonn hannert mer ass, da muss ech soen: De Paterfamilias enttäuscht mech.

Fir an där Metapher ze bleiwen: Ech muss ëmmer un e Papp denken, deen net doheem ass, well e sech léiwer ëm di méi interessant Saachen op der Aarbecht këmmert. A wann et doheem drëms geet endlech d’Lächer am Dach ze flécke well et erareent, dann ass en net do. E bleift léiwer bei de Kollege vun der Aarbecht, währenddeems de Rescht vun der Famill sech den Himmel op de Kapp fale léisst.◆

**Max Gindt**

*Jahrgang 1987. Er studiert Politikwissenschaften an der Université Libre de Bruxelles.